ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Oktober 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister vun der Fonction publique weiderzeleeden.

Zënter Joren ass an all Budget eng substantiell Erhéijung vun der Zuel vun de Mataarbechter vu staatleche Ministären an Administratioune virgesinn. Dës déngt ganz sécher der Verbesserung vun de staatleche Leeschtungen am Déngscht vum Bierger, et ass awer och eng Politik, déi net ouni Konsequenzen op den Aarbechtsmaart ass, an déi och eng Rei vu budgetären Implikatiounen huet.

Dowéinst wollt ech dës Froen un den Här Minister fir déi ëffentlech Fonctioun stellen:

1. Wéi huet sech d'Zuel vun de staatleche Mataarbechter pro statutarescher Kategorie, pro Joer a pro Ministär, respektiv Administratioun, vun 2010 bis 2017 verännert ?
2. Wéi ass déi Entwécklung, no deene selwechte Kritären, bei den ëffentlechen Etablissementer?
3. Wéi e prozentualen Impakt hunn déi staatlech a para-staatlech Rekrutementer op den nationalen Aarbechtsmaart (esou wéi den Terme vum Statec gebraucht gëtt), opgefächert no Bildungsniveau?
4. Wéivill Auslänner schaffen am Ableck beim Staat, a wéi enge Funktiounen a vu wéi engen Nationalitéiten?
5. Wéi eng Implikatiounen op de Staatsbudget haten an hunn déi Entwécklungen?
6. Huet d'Regierung eng Virstellung doriwwer, wéi grouss dee staatlechen an dee para-staatleche Secteur solle maximal wuessen, fir och weiderhin

e qualitativ héichwäertege Rekrutement am private Secteur kënnen ze erméiglechen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten